

Mir hunn och nach néng Demanden dobannen. Dat sinn nach eng Kéier véier Gemengen an zwee Privat-träger. A mir hu véier Projeten, déi refuséiert gi sinn. Firwat kann e Projet refuséiert ginn? Mee wann en net u sech an de Champ d'application fält oder wann e Projet ugefaang gëtt, ier een d'Demande mécht, oder wann een anere Ministère e scho ganz finanzéiert. En Duebelfinanzement geet net.

Dat heescht, am Moment hu mer scho 5 Milliounen Euro Aiden engagéiert. An d'Schwéierpunkte vun deene Projeten, déi ugefrot gi sinn, dat ass zum Beispill e Versammlungsraum, zum Beispill zu Duerscht déi al Schoul. Duerfkärgestaltung: Zu Peppeng gëtt beim Klouschtergaart u sech dee ganzen Duerfkär frëschgemaach. Spillplazen: do zum Beispill zu Haassel. Dann d'Verkëiersberouegung. Epicerie: Do hu mer eng zu Hiefenech, wat fir eis wichteg ass, well mir hätt jo gären, datt d'Leit och erëm kënnen am Duerf akafe goen. D'Fotosausstellung zu Clierf, d'Cité de l'image. E Beienhaus zu Mondorf. An e Rou-segaart zu Schieren. Dat sinn elo e puer Projeten. Dat heescht, et geet queesch duerch de Gaart.

An da kommen ech bei de Gaart. Dir hutt gesot: „Kéint een net Vertical Farming oder esou eppes maachen?“ Ben, et muss ee mol mat eise Krittäre kucken, ob de Vertical Farming drapasst. Dat kéint ee bestëmmt bei der Duerfgestaltung oder sou eppes maachen.

Mee wéi gesot: Mir gi jo net d'Iddien. D'Iddie musse vun de Leit kommen, vun de Gemenge kommen. An dann decidéiere mir, ob et kann ugeholl ginn oder net. Dofir ass et extreem wichteg, datt eeben och den Duerfentwëckler, dee mat e bëssen Incubateur d'idées ass, mathëlleft, un Iddien ze kommen.

Wa mer déi Projete kucken, da leie mer elo ongeféier an der Unzuel d'selwecht wéi an där leschter Period ëm dës Zäit. Dat heescht, et ass elo keng massiv Zou-nam do gewiescht, mee mir ginn awer dervunner aus, datt nach eng ganz Rei Demanden erakommen.

Mir hunn eng Informationscampagne gemaach. Elo wollt ech meng Broschür matbréngen. Dohanne läit eng Broschür. De Georges ka se weisen. Mir hunn eng Broschür ...

(M. Georges Mischo montre une documentation.)

(Hilarité)

Merci.

... iwwert d'Duerfentwëcklung. Déi kann een och bei eis kréien. Um Internetsite fënnt een dat natierlech och. Dir hutt d'Versammlungen ugeschwat zu Housen an zu Schous. Do ware richteg vill Leit – virun allem Gemengeverrieder, mee et ware richteg vill Leit do. Dat heescht, den Interessi ass schoonn do. Mir haten och nach op der Foire agricole e Stand. A virun allem d'Duerfentwëckler hunn eréischt am Hierscht d'lescht Joer ugefaang mat schaffen, soudatt mer wierkelech mengen, datt nach eng ganz Partie Demanden erakommen.

Elo fir 2025 hu mer nach Visite mat Gemengepolitik-er um Terrain geplangt, och fir do nach eng Kéier den Echange um Terrain ze hunn. An, wou ech mech drop freeën: Mir bestëmmen nach eng Kéier de Lëtzeburger Kandidat fir den Europäeschen Duerferneuerungspräis 2026. Soubal wéi déi Krittäre vum Organisator do sinn, wäerte mer och eng Bewäertungsmatrix maachen. An dann hoffe mer, datt mer do e Kandidat hunn, dee gutt ofschneit. Lëtzebuerg huet bis elo eemol gewonnen, an dat ass scho laang hier. Dat heescht, et wier un der Zäit, datt mer erëm eng Kéier géife gewonnen. Dat war 1990 mat der Gemeng Biekerech.

Sou, an dann ass et natierlech ëmmer wichteg, datt mer evaluéieren, wat geschitt. Mir hunn e Bureau d'études, fir d'Projeten, déi an där leschter Period gelaf sinn, ze evaluéieren. Elo kënt Der mech froen: „Firwat maacht Der dat esou spët?“ Mee an deem leschten Agrargesetz war dat u sech kee strikten Timing, wéini d'Projete missten ofgeschloss sinn. A mir hunn der nach 51, déi mussen ofgerechent ginn. Dat heescht, wann déi ofgerechent sinn, da maache mer do eng Evaluatioun an dann zéie mer natierlech och déi néideg Konsequenze fir d'Zukunft.

A wat ass fir d'Zukunft geplangt? Mir kënnen natierlech nach keng Projet-pharen hunn, well mer mussen do op déi europäesch Basis waarden. Wat awer ze begreissen ass: Een Deel vun der Basis ass jo d'Visioun. Déi huet de Christophe Hansen jo elo virgestallt. Ech mengen, déi ass och elo deemnächst hei an der Chamber. Ech weess awer net méi genau wéini, mee elo geschwënn eng Kéier. An do ass och ee Schwéierpunktberäich fair Liewens- an Aarbechtsbedingungen am ländleche Raum. An och hei steet de ländleche Raum nach eng Kéier am Fokus. An dann Enn des Joers sollen da méi konkret Propose kommen, wou mer da schon esou lues a lues un eise nächste PSN kënnen ufänke mat schaffen.

Fir eis ass et wichteg, datt mer déi zwee Piliere behalen an der Gemeinsamer Agrarpolitik, dat heescht och deen zweete separate Pilier fir d'Entwëcklung vum ländleche Raum. An dofir wëll ech och just nach eng Kéier zesummeffaassend soen: D'Zil vum Programm vun der Duerfentwëcklung ass et wierkelech, déi ländlech Gemenge bei hire Projeten ze ënnerstëtzen. Dës Projeten droen nämlech derzou bäi – an dat ass extreem wichteg –, eis ländlech Gemengen an Dierfer u sech méi dynamesch, attraktiv, lieweg ze gestalten oder ze behalen. Si stäerken d'Zesummeliewen am ländleche Raum, ech mengen, och eppes, wat fir d'soziaalt Zesummeliewen extreem wichteg ass. Si hëllef, d'Liewensqualitéit do ze erhalen oder ze erhéien.

An dat alles sinn Ziler – mir haten dat och am Koalitionsaccord festgehal –, déi mir, awer och der ganzer Regierung, um Häerz leien. An dofir wäerte mer eis och an Zukunft ganz dofir staarkmaachen, datt an der PAC eng staark Politik fir dee Beräich, d'Entwëcklung vum ländleche Raum an och d'Duerfentwëcklung, ka gemaach ginn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Den Här Bauler hätt nach d'Recht op eng Zousazfro, kuerz, wann e wëllt.

(Problème de sonorisation)

Mme Martine Hansen, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | | Et héiert een Iech net.

Une voix | Et geet net.

(M. André Bauler signale ne pas vouloir intervenir.)

M. Claude Wiseler, Président | Nee, dat ass net de Fall. Dann ass domat dës Punkt vum Ordre jour ofgeschloss.

18. 8225 – Projet de loi modifiant le Code du travail en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/2121 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant la directive (UE) 2017/1132 en ce qui concerne les transformations, fusions et scissions transfrontalières

Da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, an zwar ass dat de Projet de loi 8225, d'Ëmsetzung vun der Mobilitéitsdirektiv. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minuten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéit jeeweils 5, d'Regierung huet och 10 Minuten. An et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert dann duerno als Riedner a Verrieder vun hirer Fraktioun, den Här André Bauler, den Här Claude Haagen, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An elo huet d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert, d'Wuert. Madamm Weydert.

Rapport de la Commission du Travail

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Gesetzesprojet 8225 ännere mer de Code du travail fir déi néideg Aarbechtsrechtsdispositiounen, déi an der europäescher Direktiv 2019/2121, déi sougenannt „Mobilitéitsdirektiv“ iwwer grenziwwerschreidend Fusiounen, Scissiounen an Transformatiounen, virgesi sinn, an d'Lëtzeburger Recht ze transposéieren.

De gesellschaftsrechtleche Volet vun der Mobilitéitsdirektiv hu mer den 23. Januar hei am Haus scho gestëmmt an en ass elo och dës Woch den 2. Mäerz a Kraaft getrueden, awer went sech och elo réischt un un déi Fusiouns-, Scissiouns- an Transformationspläng, déi ab dem 1. Abrëll publizéiert ginn. A bis dohinner wäerte mer dës Gesetzesprojet nom Vott vun haut jo dann och hoffentlech um selwechten Datum a Kraaft kréien.

Den Délai de transposition vun der Direktiv ass zënter dem 31. Januar 2023 ofgelaf. An de Gesetzesprojet gouf de 24. Mee 2023 vum deemolegen Aarbechtsminister Georges Engel deposéiert. Den 8. Juni gouf den Text un d'Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale, wéi d'Kommissioun an der leschter Legislaturperiod geheescht huet, verwisen. An no de Chamberwale vum 8. Oktober 2023 gouf de Gesetzesprojet dunne de 24. November 2023 an d'Commission du Travail verwisen. Ech gouf an der Sitzung vun der Aarbechtskommissioun vum 7. Februar 2024 als Rapportrice genannt.

Léif alleguer, mat dësem Gesetz ginn d'Rechter vun den Employéë vun Entreprises, déi an enger grenziwwerschreidender Fusioun, Scissioun oder Transformatioun implizéiert sinn, gestärkt. Am Code du travail fënnt een aktuell eng Sektoun iwwert d'Mataarbechterbedeelegunge bei grenziwwerschreidende Fusiounen vun Entreprises. Dës Sektoun gëtt mat dësem Gesetz abrogéiert an e ganz neit Kapitel Vbis gëtt am Code du travail bäigesat iwwert d'Informatioun, d'Consultatioun an d'Bedelegung vun de Mataarbechter vu Kapitalgesellschaften am Fall vun esou enger grenziwwerschreidender Operatioun. Hei ginn also elo harmoniséiert Reegele geschaf fir d'Fusiounen, d'Scissiounen an d'Transformatiounen, déi e grenziwwerschreidende Charakter hunn.

D'Zil vun der Direktiv ass et, d'Mobilitéit vun de Gesellschaften ze verbesseren an an engem d'Interesse vun de Stakeholders, also virop de Mataarbechter, awer och de Creancier an den Associéen, déi vun der grenziwwerschreidender Operatioun betraff sinn, ze schützen. Engersäits gëtt et also Reegelen iwwert d'Informatioun an d'Consultatioun an anersäits iwwert d'Bedelegung vun de Mataarbechter am Fall vun esou enger Operatioun.

Just lëtzebuergesch Sociétés anonymes, Sociétés à responsabilité limitée a Sociétés en commandite par actions si vun dëse Reegele concernéiert.

De Chef vun der Entreprise huet generell d'Flicht, d'Salariéen iwwer grenziwwerschreidend Operatiounen ze informéieren an ze consultéieren, a muss hinnen Informatiounen iwwert d'Situatioun, d'Struktur, den Impakt vun der Operatioun op d'Entwécklung vun der Beschäftegung an der Entreprise an och eventuell Gefore fir d'Aarbechtsplaze matdeelen. Donieft mussen d'Salariéen informéiert ginn iwwer Decisiounen, déi potenziell Ännerungen an der Organisatioun vun der Aarbecht oder den Aarbechtskontrakter mat sech bréngen. Jee no der Gréisst vun der Entreprise huet de Chef vun der Entreprise dann nach méi eng pousséiert Flicht, ze informéieren an ze consultéieren.

An all grenziwwerschreidend Operatioun, déi vun dëser Direktiv viséiert ass, muss d'Gestiounsorgan e Plang opstellen, deem déi vum Gesellschaftsrecht virgeschriwwen Mentioune enthält an deem d'ganz Transaktioun erkläert. Donieft muss d'Gestiounsorgan vun den implizéierten Entreprene e Rapport un d'Mataarbechter adresséieren, deem hinnen erkläert, wéi eng Implikatiounen d'Transaktioun op d'Aarbechtsrelatioun huet an eventuell wéi eng Mesüre geholl musse ginn, fir dës Relatioun ze preservéieren; zweets all signifikative Changement an den Aarbechtsbedingungen oder dem Standuert vun der Entreprise; an drëtten, wéi déi zwee éischt Facteuren d'Filiale vun der Gesellschaft impaktéieren.

Dëse Rapport geet un d'Personalvertrieeder respektiv d'Salariéen, wann et keng Personaldelegatioun gëtt, mindestens sechs Woche virun der Generalversammlung, déi iwwert d'Transaktioun entscheet. An do hu si d'Méiglechkeet, en Avis zur Operatioun ofzeginn. Dat ass eppes, wat am gesellschaftsrechtliche Volet virgesinn ass an elo net am Code du travail, mee fir komplett ze sinn, wollt ech et hei awer och ernimmen.

Am Volet Aarbechtsrecht ass spezifesch virgesinn, datt an enger grenziwwerschreidend Operatioun all Salaré déi selwecht Bedeelegungsrechter huet. Och déi, déi ausserhalb vu Lëtzebuerg schaffen, kréien dann déi selwecht Rechter wéi déi, déi virun der grenziwwerschreidend Operatioun um Territoire vum Grand-Duché schaffen, an dat, egal wéi grouss d'Entreprise ass.

Falls awer elo am Ausland d'Bedeelegungsrechter als Resultat vun engem méi breede Representatiounssystem sinn, bleiwen dës de Salaréen erhalen. Hei gëtt de Seuil de déclenchement fir d'Bedeelegung zu Lëtzebuerg op 800 beschäftegt Salaréen an deenen dräi leschte Joer festgeluecht. An deem Fall muss dann een Drëttel vun de Membere vum Conseil de surveillance oder vum Verwaltungsrot vun der Entreprise d'Personal vun der Entreprise vertrieeden. Hei gëtt och en Organe de représentation en place gesat, deem d'Mataarbechter vertrëtt an d'Informatiouns- a Consultationsmodalitéite fir d'Salariéen determinéiert.

Am Fall vun enger grenziwwerschreidend Fusioun besteet d'Méiglechkeet, entweder e Groupe spécial de négociation fir d'Verhandlungen ze beoptragen oder mat de Referenzdispositiounen aus dem Code du travail betreffend d'Bedeelegung vun de Salaréen an enger Société européenne ze schaffen. Fir grenziwwerschreidend Scissiounen an Transformatiounen kann awer just iwwer e Groupe spécial de négociation verhandelt ginn, a si hunn net d'Méiglechkeet, iwwert déi Referenzdispositiounen ze fueren.

Falls d'Gesellschaft, déi aus enger grenziwwerschreidend Operatioun entstanen ass, ënner engem Bedeelegungsregime vun de Mataarbechter geréiert ass, dann huet d'Gesellschaft d'Flicht sécherzestellen, d'Rechter betreffend d'Bedeelegung vun de Mataarbechter am Fall vun enger spéiderer Transformatioun, Scissioun oder Fusioun, egal ob national oder

grenziwwerschreidend, ze schützen, an dat während véier Joer no der grenziwwerschreidend Operatioun, duerch déi d'Gesellschaft entstanen ass.

D'Aarbechtskontrakter vun de Mataarbechter ginn als Transfert d'entreprise iwwer an déi Entitéit, déi aus der grenziwwerschreidend Operatioun resultéiert. Dat heescht, d'Aarbechtskontrakter bleiwe bestoen an d'Rechter vun de Salaréë bleiwen erhalen a gi vun der Entitéit iwwerholl.

Erlaabt mer nach kuerz e puer Wieder zur Prozedur. Sechs Aise koumen zum Gesetzesprojet eran. De 14. Juni 2023 huet d'Chambre des Salaréen en éischten Avis zum Gesetzesprojet publizéiert a virun allem bemängelt, dass de Seuil de déclenchement fir d'Bedeelegung vun de Salaréen e bëssen ze héich wär, well si sinn der Meinung, dass dee sech fir all Salaré misst applizéieren. Si begréissen awer ausdrécklech, datt och elo e Kader fir d'grenziwwerschreidend Scissiounen an Transformatiounen mat dësem Gesetz geschaaft gëtt.

De Staatsrot huet de 24. Oktober 2023 en éischten Avis zum Gesetzesprojet ofginn an e puer kleng Oppositionen formelles a Verbesserungsvirschléi zum Text gemaach. An der zoustänneger Chamberskommission hu mer de 24. Mee d'lescht Joer déi néideg Adaptatiounen vum Gesetzestext gemaach, fir dem Staatsrot senger Remarque Rechnung ze droen.

D'Chambre de Commerce hat den 19. Februar 2024 hiren Avis eraginn an nach en Avis complémentaire den 31. Juli 2024. Och si hu sech mitigéiert zum Seuil de déclenchement positionéiert.

D'Salariatskummer huet sech de 23. Oktober d'lescht Joer nach emol zum amendéierte Gesetzesentwurf prononcéiert.

An de Staatsrot huet zu eisen Amendements parlementaires de 4. Februar dëst Joer säin Avis complémentaire herausginn a confirméiert, datt se alleguerten d'Oppositionen formelles kéinten ophiewen.

Dunn hu mer an der Sëtzung vum 26. Februar déi divers zousätzlech Avisen analyséiert an och mäi schréftleche Rapport unanime ugeholl.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schréftleche Rapport.

An domat schléissen ech mäin Exposé als Rapportrice an doen elo meng Kap als Spriecherin vun der CSV-Fraktioun un.

Une voix | Très bien!

Discussion générale

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass richtig a wichteg, datt d'Salariéen am Fall vun enger grenziwwerschreidend Operatioun geschützt bleiwen an hir Rechter gestärkt ginn. D'Direktiv an esou och eist Gesetz suergen dëfir, datt d'Rechter vun de Salaréen op Matbestëmmung am Verwaltungsrot vun enger Entreprise net verluer ginn an d'Salaréë respektiv d'Personaldelegatioun mat an den Decisiounsprozess agebonne ginn an hiren Avis zur grenziwwerschreidend Operatioun kënnen ginn.

Et ass wichteg, datt mer en zolitte legale Kader hunn, dee verhënnert, dass duerch eng grenziwwerschreidend Operatioun eng Entreprise einfach esou d'Rechter vun hire Mataarbechter ëmgeet. An dat geschitt notament mat dësem Gesetz. D'Entreprisë kréien e legale Kader fir am Fall vun enger grenziwwerschreidend Fusioun, Scissioun an Transformatioun, un dee se sech hale mussen, a fir d'Salaréë schafft dëst Gesetz méi Transparenz.

Wat natierlech elo ganz wichteg ass, ass, dass dëst Gesetz och um 1. Abrëll dëst Joer a Kraaft trëtt, fir

datt och all Fusioun, Scissioun an Transformatioun mat engem grenziwwerschreidend Charakter, där hire Plang ab dem 1. Abrëll no deem neie Regime da publizéiert gëtt, déi selwecht Reegelen vun der Mobilitéitsdirektiv suiveren.

Mir begréissen dat an dofir ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Weydert, och fir Äre schréftlechen a fir Äre mündlechen Rapport. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler.

(Interruption par M. André Bauler)

Neen, et deet mer leed, Här Bauler. Enfin, Dir kënnt vun do schwätzen, mee dann héiert keen Iech. Dat ass, wéi Der wëllt.

(Brouhaha)

Merci. Ausser, Dir géngt ganz haart schwätze vun do hannen.

M. André Bauler (DP) | Jo, et geet gradesou gutt vun hei aus. Voilà, merci, Här President. Meng Felicitatiounen fir deen ausgabege Rapport vun der Rapportrice, der Madamm Weydert. En ass esou exhaustiv gewiescht, datt ech mech äusserst kuerz ka faassen a kann hëllefen, deen Nomëtteg hei a senger Längt ze verkierzen.

Mir liewe wierklech an engem groussen europäesche Bannemaart. Deen erlaabt et och, datt Fime sech natierlech kënnen grenziwwergräifend reorganisieren an nei opstellen iwwer verschidden Operatiounen. Dozou gehéieren eebe Fusiounen, Scissiounen an aner Transformatiounsprozesser.

Mee, wéi d'Madamm Weydert dat awer och gesot huet, dat huet ëmmer en Impakt op verschidde Stakeholderen. An zu deene gehéieren eebe just a grad déi schaffend Leit, a si sollen dofir an déi Prozesser agebonne ginn. Dëse Gesetzesprojet assuréiert dofir, datt am Fall vun deene grenziwwerschreidend Operatiounen d'Rechter vun de Salaréë respektéiert ginn. Si sollen informéiert a consultéiert ginn.

Ech hunn awer och am Avis vun der Chambre des Salaréen gelies – si bemängelen dat e bëssen –, datt dat anscheinend och net ëmmer esou ass. Dat soll elo mol dohinnergestallt sinn, mee warscheinlech hu se dofir Ursachen. Ech hunn et awer mol zur Kenntnis geholl.

Dat gesot, géif ech awer gären zu dësem Text d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ginn. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Bauler. Dann huet den Här Claude Haagen d'Wuert.

M. Claude Haagen (LSAP) | Jo, merci, Här President, d'LSAP begréisst dëse Projet de loi, deen natierlech och festleet – den Här Bauler huet dorop higewisen, esou wéi d'Rapportrice och –, wéi een déi grenziwwerschreidend Fusiounen mécht. D'autant plus, well e vum viregten Arbeitsminister deposéiert ginn ass, fënnt en eise ganzen Appui. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | No dem Appui, deen den Haagen elo ausgedréckt huet am Numm vun der LSAP-Fraktioun, ginn ech dem Här Jeff Engelen d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir begréissen, datt mat dësem Projet de loi 8225, deen eng Transpositioun vun der Direktiv 2019/2121 erméiglecht, an heimat bei Fusiounen, Transformatiounen oder Opdeelungen,

déi iwwert d'Grenzen ewech Repercussionen hunn, de Salariëe méi e grouss Schutz a méi e groust Mat-sproocherecht soll garantéiert ginn.

Ech wëll duerfir fir unzefänken der Madamm Stéphanie Weydert en härezeleche Merci soe fir hir ausféierlech Virstellung vun dësem Gesetz. Ech mengen, et ass deem net vill bäizefügen.

Ech wëll awer just zwee Punkte vläicht hei ervirsträichen. Wéi d'Chambre des Salariés et scho formuléiert huet, wëll ech drop hiweisen, dass dëst nëmme fir gréisser Entreprisë geduecht ass. Dat ass am Prinzip ab 1.000 oder 800 Salariéen, jee nodeem, wéi een et liest. An ech mengen, do misst ee sech vläicht eng Kéier Gedanke maachen, ob een do net soll eng Kéier spéiderhi méi wäit goen, well mir hunn där enger Entreprisë jo méi wéi där anerer, an ech mengen, do wier et och vläicht gutt, wann een do juristesche Satisfaktioun hätt.

A dann hoffe mer och, zweete Punkt, dass d'ITM deementspreechend da ka gestärkt ginn an dass déi Sanktiounen och héich genuch sinn, fir sécherstellen, dass och jidderee sech drun hält. Ech wëll awer vläicht och nach drop hiweisen, dass d'ITM ëmmer méi grouss gëtt. An ech mengen, do wier et och vläicht eng Kéier Zäit, sech Gedanken ze maachen, wéi esou e groussen Apparat, wéi d'ITM et lues a lues gëtt, dat alles soll bewältegen. Mir denke jo och nach drun, dass mer an nächster Zäit jo och nach eng Fusioun wäerten hu vun der ITM mat dem Service national de la sécurité dans la fonction publique. Ech mengen, all déi Saache kommen ëmmer méi op d'ITM duer, an do muss ee kucken, dass een deem och ka Rechnung droen.

Wéi gesot, mir stëmmen dëst Gesetz mat. An ech soen Iech Merci fir Äre Opmierksamkeet.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engelen. An dann ass d'Wuert fir d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Wéi vu menge Virriedner schonn erkläert, ass et d'Zil, déi Aspekter vun der Direktiv an de Code du travail ze transposéieren, déi sech mat de Rechter vun de Salariéen bei der Transformatioun respektiv Spaltung vu grenziwwerschreidende Gesellschaften auserueesetzen. An nieft enger verdéierter europäescher Integratioun wëll ech folgend positiv Aspekter ervirhiewen. An ech mengen, verschide Virriedner hunn dat scho gesot.

Duerch d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv wäert eng gréisser Consultatioun a Representatioun vu Salariéen am Fall vun enger grenziwwerschreidender Transformatioun virgeholl ginn. Och um Niveau vun der Transparenz wäert sech eppes doen, well d'Handels-gesellschaft gebiede sinn, maximal dräi Deeg nom Ofschluss vu Verhandlungen d'Resultat un d'Salariéen ze kommunizéieren.

Et gëtt heimadder e gewëssene Schutz fir d'Salariéen nom Ofschluss vun Transformatiounen gestärkt, woubäi ee muss berücksichtegen, dass d'Handels-gesellschaften dobäi garantéiere sollen, dass d'Participationsrecht vun de Salariéen fir déi kommend véier Joer och geschützt soll sinn an d'Salariéen mat méi favorable Konditiounen dës bei der Transformatioun net wäerte verléieren.

A Kohärenz mam Projet de loi 8053 ënnerstëtze mir dëse Projet och. D'Harmoniséierung vu Reegelen zur Transformatioun a Spaltung vun Handelsgesellschaften stäerkt de Bannemaart a setzt esou d'Weiche fir méi e kompetitiiv Europa. Mee fir ze garantéieren, dass dat esou bleift, mussen d'Salariéen geschützt ginn. An do kënn dës Transpositioun an d'Spill.

Mir begreifen de Projet selwer, denken awer och, dass e puer Punkten nach ausbaufäeg sinn. Esou wéi d'CSL dat och an hirem Avis matgedeelt huet, ënnerstëtze mir hir Fuerderungen, dass méi héich Sanctiounen agefouert musse ginn, fir ze garantéieren, dass d'Salariéen aktiv consultéiert an informéiert ginn a sech am Decisionsprozess bedeelege kënnen.

Eng sozial Approche heescht och, dass mir Gréng eis kënnen virstellen, dass dës Adaptatioun vum Code du travail an enger zweeter Phas och fir Salariéen aus klengen a mëttelstännesche Betriber solle gëllen. De Seuil de déclenchement vun 1.000 Leit suert derfir, dass vill Betriber net un d'Reegele vum Projet de loi 8225 gebonne sinn.

Och mat Bléck op d'Aussoe vum Letta-Rapport, deem d'PMEen als Réckgrat vum Single Market definéiert, gëllt et hei, d'sozial Gerechtegkeet ze förderen. Wëssend, dass e potenzielle Risiko besteet, dass d'Salariéen net genügend vu Betriber an d'grenziwwerschreidende Spaltungen an Transformatiounen agebonne ginn, mussen aner Weeër gesicht ginn, fir ze garantéieren, dass d'Salariéen iwwer hir Rechter Bescheed wëssen. A wéi et och am Letta-Rapport steet, sollen d'national Autoritéiten an d'Sozialpartner hei eng wichteg Opklärungsarbeit leeschten. Hei sidd Dir natierlech gefuerdert, Här Minister.

Ech ginn heimadder den Accord vun deene Gréngen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Dann ass et um Här Sven Clement. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. No deem extensive Rapport kann een et ganz kuerz maachen. Ech mengen, dat heiten ass e gutt Beispill, wou ee gesäit, dass Europa net nëmme eng Valeur ajoutée fir d'„Wirtschaft“, mee och ...

Plusieurs voix | „Wirtschaft“.

(Hilarité)

M. Sven Clement (Piraten) | ... fir d'Salariatsrechter liwwert. Och dat huet eppes mat der „Wirtschaft“ ze dinn, léif Kollegeinnen a Kollegen.

Op alle Fall, d'Resultat vun deem heite Projet ass, dass mer eng besser Participatioun bei de Betriber hunn, an dat féiert normalerweis och zu besseren Arbeitsbedingungen. An dofir kann een dat heiten nëmme begreifen. An aus dem Subsidiaritätsprinzip eraus muss dat heiten als Éischt europäesch gereegelt ginn. An dass mer dat dann iwwert d'Direktiv zu Lëtzebuerg transposéieren, ass nëmme normal. An dass mer e bësse méi laang gebraucht hunn, wéi mer wollten, do gëtt et jo Erklärungen derfir.

Dofir gëtt et och dozou dës Kéier mol keng Kritik vu menger Säit an och dass dat heiten nëmme mat ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Dann ass d'Wuert fir den Här Marc Baum. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President, am Chouer vun den Zoustëmmende kann ech dës Kéier just nëmme matsangen. Et ass héich Zäit, dass mer dës Direktiv ëmsetzen. Den Datum ass effektiv schonn iwwerschratt. Et si Mesuren, déi virun allem d'Salariéen protegéieren. Et si Mesuren, déi d'Personaldelegatiounen stäerken, d'Informationsrecht an och d'Consultationsrecht vun de Personaldelegatiounen.

Et bleift bei deenen zwee Kritikpunkten, déi och schonn eenzel genannt gi sinn, nämlech dass et effektiv just op Gesellschaften ab 800 respektiv 1.000 Mitarbeiter zoutreëft, dat heescht op ganz weineg Gesellschaften hei zu Lëtzebuerg. An effektiv stellt

sech méi generell d'Fro iwwert déi ganz Consultationsrechter, déi de Personaldelegatiounen zoustinn, déi rechtens sinn, awéiwäit d'ITM effektiv outilléiert ass, déi wierklech an alle Situatiounen ze garantéieren.

Dëst gesot, wéi gesot, sangen ech am Chouer mat.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ma dat ass fei vun Iech, Här Baum.

An dann ass d'Wuert fir d'Regierung. Här Arbeitsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Georges Mischo, Ministre du Travail | Merci, Här President. Och der Rapportrice villmools merci fir hiren excellenten a ganz komplette mëndlechen an och schriftleche Rapport. Dëse Projet transposéiert, wéi gesot, den Deel vun der modifizierter Direktiv iwwert d'Implikatioun vun de Salariéen. D'Direktiv garantéiert nämlech, dass d'Salariéen iwwer previsibel Konsequenzen vu Verhandlungen informéiert a consultéiert musse ginn, wat, mengen ech, nëmme richtig ass an och jiddereen hei begreift. Fir d'Implikatioun vu Salariéen am Kader vun enger grenziwwerschreidender Fusioun sinn d'Dispositiounen vum Code du travail also adaptéiert ginn. Am Kader vu grenziwwerschreidende Scissionen an Transformatiounen sinn déi nei Reegelen iwwert d'Informatioun, d'Consultatioun an d'Matbestimmung vun de Salariéen dofir och agefouert ginn.

Den Objektiv vun dëse Reegelen ass also an éischter Linn, d'Rechter vun de Salariéen an hire Vertrieeder ze stäerken. A fir mech als Arbeitsminister sinn de Schutz an d'Verdeedegung vun de Rechter natierlech immens wichteg, an dat och a virun allem, wann e Betriber sech an engem Contexte de marché intérieur op eng grenziwwerschreidend Aart a Weis verännert.

Mir haten, et ass virun ugeschwat ginn, e bësse Retard kritt. Mir haten eng schwierig Fro par rapport zu enger Opposition formelle vum Staatsrot nach ze klären. Eng Rei Reunione mat enger Textpropos fir de Staatsrot hunn dunn de Problem geléist.

An dem Här Engelen wollt ech nach soen: De Seuil vun 800 ass just beim Régime de participation an Informations a Consultatiounen gëllen natierlech fir allegueren d'Enterprisen.

An ech soen de Fraktioun villmools Merci fir hir breet Zoustëmmung.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8225. Den Text steet am Document parlementaire 8225⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8225 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Nach e klengen Effort, da si mer vläicht ... Ok, voilà. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also à l'unanimité ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Diane Adehm),

Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

19. 8497 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au Titre V, Chapitre 11 « Des pétitions »

An da kéime mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Änderungsversuch zum Chambersreglement 8497, enger Ofännerung vum Kapitel iwwert d'Petitiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, dee selwechten also wéi virdrun. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Jean-Paul Schaaf, den Här André Bauler, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Alexandra Schoos, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Änderungsversuch zum Chambersreglement, déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

Rapport de la Commission du Règlement

Mme Sam Tanson (déi gréng), rapportrice | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Ech ginn elo hei e bëssen am Detail op déi Proposen an, fir eist Chambersreglement ze änneren, wat d'Petitionsrecht ubelaangt. Dat si jo eebe grad Changementer, déi allegueren déi Leit concernéieren, déi wëlle Petitiounen erareeche. An ech kucken direkt op d'Francine Closener, wat déi Proposition hei deposéiert huet. Dat hei war en Zesummeschaffen tëscht der Petitionskommission an der Règlementscommission. Dat ass elo alles ganz séier gaangen. Et war en Depot de 6. Februar 2025 an de 26. Februar sinn ech als Rapportrice genannt ginn an ass och den Exame vun deem Text gemaach ginn.

Dat kléngt elo immens rapid. Et muss een awer wëssen: Do gouf et schon eng Viraarbecht, déi am Virfeld gemaach gi war um Niveau vun deenen zwou Kommissionen, wou mer schon op engem Text geschafft haten. An duerfir, dat erkläert dann och vläicht dee ganz séieren Delai.

Ëm wat geet et? Et geet am Fong drëm, dass mer sollen hei verschidde Reegele wierklech festhalen um Niveau vum Reglement, déi sech och erginn hunn duerch d'Erfahrungswärter iwwert déi lescht Joren um Niveau vun der Kommission. Zum engen Deel sinn dat Praxisen, wéi se souwiesou gehandhaabt gi sinn. Anerer si vläicht elo derbäikomm, well ee festgestallt huet, dass een net onbedéngt déi néideg Handhab huet.

Et geet am Fong drëm, Rechtssécherheet hei ze schafen, dass all Bierger weess, wéi e sech muss uleeën, fir déi Petitioun eranzereche, wéi eng Konditiounen et och vläicht gëtt, fir eng Petitioun ze refuséieren, wat och d'Formkonditiounen sinn. Et ass och scho vill iwwert de Seuil geschwat ginn. Ech ginn herno kuerz dorobber an. An da gëtt et och elo e ganz neien Tool, eeben en elektronischen Tool, fir déi Petitiounen eranzereche. Och dorop ginn ech kuerz nach am Detail an.

Ech wollt just virop nach eng Remark maachen, déi mer och am Rapport festgehalen hunn. Den Artikel 82 vun der Verfassung, dee seet actuellement: „La Chambre des Députés reçoit les pétitions qui lui sont adressées dans la forme prescrite par son Règlement.“ Et ass eng reng formal Geschicht. Mir ginn hei e bësse méi wäit, an et wier schon eng Recommandatioun, sech den Artikel do nach eng Kéier unzekucken, wa mer en Toilettege maache vu verschiddenen Dispositiounen vun der Constitution, fir dass den Ancreage och ganz prezis an der Verfassung ass an och kee Malentendu entsteet.

Et geet elo hei ëm zwee Artikelen, wou déi zwee Petitionsrechter, dat ordinäert an dat vun der öffentlecher Petitioun, gereegelt ginn a wou eeben, wéi gesot, eng Rei Prezisiounen bäikommen.

Wat elo d'Konditiounen ugeet fir d'Petitiounen, bon, do ass et eeben elo esou, dass fir déi zwou Formen vu Petitiounen kloer an den Text geschriwwen gëtt, dass ee muss am RNPP, also am Registre national des personnes physiques, agedroe sinn an op d'mannst 15 Joer hunn, fir esou eng Demande erareeche ze kënnen. Déi Konditiounen spillen, wéi gesot, fir déi zwou Petitiounen. Et geet eeben drëm, dass een e Lien mat Lëtzebuerg huet.

Da ginn och déi zwou Petitionsformen elo hei am Text definéiert. Dat eent, dat si jo déi, wou een Ënnerschrëft sammelt an erareecht, an dat anert sinn déi, déi wierklech och hei um Site vun der Chamber publizéiert ginn, am Sënn och fir ze hoffen, op de Seuil ze kommen, fir dann hei am Plenum kënnen eng Diskussioun mat de politeschen Responsabelen ze féieren.

Wann ech elo bei de Pétition-ordinairé sinn, do gëtt et verschidden Aart a Weisen, fir déi Petitiounen ze deposéieren. Dat eent sinn dann eeben déi Outil LuxTrust an eIDAS. Dat sinn elektronesch Authentifikationsmechanismen. Et kann een awer weiderhin – fir déi Leit, déi dat net iwwert dee Wee wëlle maachen – d'Petitioun hei an der Chamber physisch deposéieren. Da muss ee sech natierlech identifizéieren. Oder, wann een empedéiert ass oder net wëll heihinner kommen, da kann een dat och par courrier postal maachen. Do brauch een dann allerdéngs eng Legalisatioun vun der Ënnerschrëft. Dat ass natierlech dann e bësse méi eng schwéierfällg Prozedur. Mee et geet drëm, dass ee Kloeerheet huet, fir ze wëssen, wien den Auteur vun der Petitioun ass. Dës Konditioun gëllt souwuel fir d'Pétition ordinaire wéi och fir déi aner Petitiounen.

Da si mer nach ëmmer bei de Pétitions ordinaires. Do gëtt et dann d'Recevabilitéit vun deene Petitiounen. Déi gëtt elo exklusiv just nach vun der Commission des Pétitions gekuckt an dat gëtt net méi an d'Conférence des Présidents renvoyéiert. Et gëtt och dann eng Äntwert, déi preparéiert gëtt an déi motivéiert ass, fir den Auteur vun där Petitioun. Do steet dann och ganz kloer dran, wéi eng Elementer elo kënnen do drakommen an och eeben dass eng Prise de position bei engem Member vun der Regierung sollicitéiert ka ginn – also bei der Regierung, entschëllegt, net méi bei engem Member vun der Regierung. Dat ass

eng Diskussioun, déi mer haten, dass d'Regierung am Fong selwer zoustänneg ass, fir ze decidéieren, wéi ee Member vun der Regierung fir deen Debat zoustänneg ass. Et ass och keng Obligatioun méi, et un déi zoustänneg Kommissioun ze renvoyéieren an der Chamber, mee eng Facultéit.

Da gëtt et weiderhin och d'Recht, eng Prise de position vun der Regierung ze froen. Deen Delai gëtt elo erhéicht op 60 Deeg. Dat ass, well eng ganz grouss Mass un Demanden do sinn a mer scho gärten eng seriöse Prise de position do um Niveau vun der Regierung hätten a well et och esou ass, dass déi Petitiounen, déi hei net de Seuil errechen, kënnen ëmformuléiert ginn an eng Pétition ordinaire, fir dass dann eeben do och eng Äntwert ka vun de Ministere kommen. Wann deen Delai ofgelaf ass, da kann d'Regierung invitéiert ginn, an d'Commission des Pétitions ze kommen an do och eng mëndlech Prise de position ze maachen. Dann ass natierlech och virgesinn, dass déi Prise de position weidergi gëtt.

Da komme mer bei d'Pétition-publicken. Do gëtt dann elo eeben och festgehalen, dass deen Dépôt électronique um Internetsite vun de Petitiounen, petitions.lu, gemaach gëtt. Dann eeben och nach eng Kéier d'Konditiounen vun dem Depot vun der Petitioun, déi déi selwecht si wéi bei der Pétition ordinaire.

No wéi engem Uerder ginn déi verschidde Petitiounen traitéiert? Dat ass en Ordre chronologique, fir dass all Petitioun gläichgestallt gëtt.

An et gëtt awer och eng Rëtsch Recevabilitéitskrittären, 15 am Ganzen, elo opgeschriwwen, déi maachen, dass eng Petitioun net kann ugehall ginn. D'Deputéiert an d'Regierungsmembere sinn exclu vum Droit de pétition. D'Petitioun muss an enger vun de Langue-administrativ gemaach sinn. Si muss depersonaliséiert sinn, also net an der Ech-Form sinn an ëm „mech“ goen. Dann ass et kloer, dass keng falsch Informatiounen dierfen an der Petitioun sinn. D'Sprooch muss korrekt bleiwen. Et muss an d'Attributiounen vun der Chamber falen. Si dierf net contraire zu de Mënschenrechter sinn oder eng Incitation à la haine enthalten. Si muss verständlech sinn. Den Titel, den Intitulé vun der Petitioun, muss och kloer sinn. Si dierf net diffamatoresch sinn oder eng Persoun prezis viséieren. Si dierf natierlech och net ëm eng Gerichtsaffär goen, déi amgaangen ass.

An dann ass natierlech och déi Fro vum Delai. Dat gëtt et och haut schon an der Praxis, dass se net dierf während 12 Méint eragereecht ginn, nodeems eng gläich Petitioun eragereecht ginn ass oder nodeems en Delai vun 12 Méint war vun engem Débat public iwwert dee selwechte Sujet.

Da kënn et um redaktionellen Niveau oft vir, dass proposéiert gëtt, eppes ëmzeänneren. Elo gëtt dat hei ancréiert, dass déi Demande de reformulation vun der Commission des Pétitions selwer ka kommen, fir eeben och do ze acceleréieren. Dat muss natierlech am Accord mat den Auteurs geschéien.

Den Accord fir d'Recevabilitéit läit elo bei der Commission des Pétitions. Och do geet et drëm, Zäit ze gewinnen. Ganz wichteg: Wann een e Refus kritt, gëtt et elo e Recours gracieux, deen och virun der Commission des Pétitions stattfënn. Dee muss och imperativ gemaach ginn, wann een duerno wëll e Recours administratif maachen, mee et ass wichteg, dass dat elo hei formell och esou drasteet.

Da gëtt et och nach d'Méiglechkeet, eng Pétition publique en suspens ze halen, wann eng Recherche juridique muss gemaach ginn oder wann zwou Pétition-publicke gläichzäitg deposéiert sinn, déi similaire sinn, wann een do muss nach mat den Auteurs kucken.